

▶ De Litty 3

Les Carnets didactiques du Cedom

Mee 2016



Didaktesch, fächeriwwergräifend
Materialien iwwert Lëtzebuenger
Kultur vu fréier bis haut, fir Grond-
schoul a Lycée



De Litty didaktesch, attraktiv, kloer

**Carnet 3: Musekstheater zu Lëtzebuerg –
Kaméidisstécker, Operen a Musicals**

EF CY 2-4 – ES/EST CY INF – ES/EST CY SUP

Aarbechtsblieder fir d'Schüler mat Infos, Lächertexter,
Zeenespiller, Nosichaufgaben a Lidder, Aufgabeléisunge
fir d'Léierpersonal, CD-Rom mat Audiodateien


erausgi vum Centre d'études et de documentation musicales
(Cedom), dem Museksdepartement vun der Lëtzebuenger
Nationalbibliothék, am Optrag vum Kulturministère, an
Zesummenaarbecht mam Erzéiungsministère

ausléinbar an Ärer Schoulbibliothék, an allen ëffentleche
Bibliothéiken

Verkaf: Bibliothèque nationale de Luxembourg
37, Boulevard F. D. Roosevelt
L-2450 Luxembourg

Bestellung: cedom@bnl.etat.lu

Präis: 10 Euro (gratis fir Schoulen a Bibliothéiken)



B Operetten a Kaméidisstécker | 2. D'Joffer Marie-Madeleine | Les Carnets didactiques du Cedom - Litty 3 - Musekstheater zu Lëtzebuerg

▶ Operetten a Kaméidisstécker

▶ D'Joffer Marie-Madeleine

Josy Imdahl/Louis Beicht (1916)

Uropfierung D'Joffer Marie-Madeleine (1916) – Operett an 3 Akten – Cercle Amical Limpertsberg – Text: Josy Imdahl – Musik: Louis Beicht – Direktioun: Louis Beicht – Persounen: Lamesche Jang (Josy Imdahl), Mreikätt, Märléini, den ale Mëller vun der Sauermillen, Klos, de Schoulmeeschter, e Brëfdréier – D'Stéck spillt an engem klengen Duerf am Eisek un der Sauer – Virum Stéck ass de Marche du Régiment vum W. A. Jurek gespillt ginn. Am ëschten „Extrakte“ sinn Les noces d'argent vum J. Desmarquay, am zweeten ass Wiener Luft vum C. M. Ziehrer gespillt ginn.

B.2.1. En Dëngschtmeedchen zu Paräis

D'Märléini kéint no méi laangem Dëngscht zu Paräis als schick, welpotte Joffer Marie-Madeleine zréck a säin Heemechtsduerf a ka knapps nach Lëtzebuergesch schwätzen (→ B.2.2.). Hatt kritt seng Eltere Mreikätt a Jang iwwerriet, hire Bauerehäff opzeginn, fir mat him a sengem franséischen „Fräier“ zu Paräis eng nei Existenz opzebauen. „Wäit ka mir d'Eisek bidden, mo d'Friem! Bitt mir beocoupp!“ D'Gälgenarmementer vum Schoulmeeschter a vum Mëllering, dem Klos, dee sech mam Märléini bestuede wëll, bewierken näischt (→ B.2.4.). Sait d'Märléini sengem Verloobten seng Sue fir e gemeinsaam Liewen zoukomme gelooss huet, heiert hatt näischt méi vun him an et stellt sech séier eraus, datt hatt op e Brigang eragefall ass. Hatt besénet sech zréck op seng Wuerzelen a gétt sech mat der Existenz als Fra vum Mëllering zefridden.

B Operetten a Kaméidisstécker | 2. D'Joffer Marie-Madeleine | Les Carnets didactiques du Cedom - Litty 3 - Musekstheater zu Lëtzebuerg

B.2.2. D'Joffer Marie-Madeleine ass erëm do
Zeen aus dem 1. Akt¹

De Baueremann Jang, seng Fra Mreikätt „erliewen“ zesumme mam Schoulmeeschter a mam Klos, de Jong vum Mëller, den eischten Optrétt vun hirer Duechter Märléini, déi grad aus dem Dëngscht vu Paräis erëm heemkéint.

Mreikätt: Ierik Klee, gepuddert a geschminkt, Voilette, an der Hand en dësen heije Prabbli; steet eng Well an der Dier a kuckt hin an hier. Da geet et bei d'Mreikätt a gétt hir d'Hand! Bonjour, chère mère! (Gëtt dem Papp d'Hand) Bonjour, cher père!

Jang: Schärliär, schärliär! Wat hues de nëmmen esou ze schären?

Märléini: Meng léif Papp, meng léif Mamm!

Jang: (am Loachen) Klos, ech si seng léif Papp! Ha, ha, ha!

Märléini: (zum Jang) Et comment ça va?

Jang: (klopp seng Päf aus op d'Hand) Ça wackel di Stiwwe!, ça rabbel di Stousskari! A wann dat elo net mat deem Gedeessems opheiert, da rabbel och nach eppes anesches. Lo bass d'esou gutt an du dees dee Maulkuerf emol aus an da gëss de denger Mamm a mir an dem Klos emol eng Bees!

Märléini: Quel Maulkuerf? Wou ass Maulkuerf?

Jang: Maulkuerf ass virum dem Gesicht.

Märléini: (laacht) Ah, tu crois, qu'il faut défaire ma voilette. Ech mech soll ausdo meng Voilette.

Jang: Neen, du solls dech net ausdo, nëmmen déi Spullomp do solls de ewech huelen, soss huelen ech der s'erof an da geet et vive.

Märléini: (mécht de Voile loss)

Mreikätt: Ma da looss dat aremt Kand dach gewierden. Et ass jo ganz verschotert mat dengem Gemauls, Geldu, meng Mod! (Gëtt him eng Bees op de Bak, späitz aus a fiert sech a puer Mol mat der Hand kuwert de Mod) Aeh, puh, puh, a wat der Däiwel hues de dir an d'Gesicht geschmiert?

Klos: (ass méi no komm a kuckt) 't géng ee son, 't wier Miel.

Märléini: Mais non, mais non, c'est de la poudre de riz². Dir mech net musst kësken, soss geet et of. Ech sinn zevill rout a mengem Gesicht. Ce n'est pas beau. C'est plus beau, wann een ass bleech.

Jang: Emmer Néckel! En Doudekapp ass méi schéi wéi esou e frecht Meederchersgesicht! Sträich du dir nëmmen d'Fassad un. A wann et da gedréchent ass, da stelle mer dech énnert eng Glob, datt d'Mécken net un dech kommen. Du solls dech schummen!

Märléini: Que voulez-vous? C'est la mode!

Aktivitéit: Spillt déi kleng Zeen aus dem 1. Akt no!

Diskussioun: Wéi ginn är Eltere mat iech em, wann dir „mat der Moud“ gitt? Firwat sollt ee mat der Moud goen, firwat net? Loosst dir iech veronschereen, wann anerer iech „draschwätzen“ resp. kritiséieren?